



## Et muss gehandelt ginn!

Mir begréissen, dass des Interpellatioun an der Chamber statt fonnt huet. Mir stelle fest, dass all Partei an déi selwecht Richtung denkt, dës kenn ee Paradigmewiessel am Lëtzebuurger Strofvollzuch erméiglechen. All Parteien sinn sech eens, dass déi repressiv Schinn un hir Limitten geroden ass, an dass d'Alternativen zur Prisongsstrof méi promovéiert musse ginn.

Mir wëllen Folgendes ze Bedenke ginn:

- D'Justiz applizéiert d'Gesetzer déi vum Legislatueur gestëmmt gi – an dofir ass et elo um Legislatueur déi néideg Reformen vum Code penal ze lancéiere fir dass eng Prisongsstrof och just dann gesprach gëtt, wann et wierklech néideg ass.
- Leider huet eis Regierung an de leschte Joren (ze) vill a Prisongen investéiert: Neibau vum CPU, Bau vum Centre de rétention, geplangten Erweiterung vun der UNISEC – an huet dobäi vergiess d'Alternativen zur Prisongsstrof ze fërderen.

Et steet kee Konzept wat mam CPL soll geschéie – an dëst 5 Méint virun der Erëffnung vum CPU.

- De Strofvollzuch muss onofhängeg vum Parquet sinn an dofir fuerdere mir déi direkt Aféierung vum ‚juge d'application des peines (JAP)‘.
- Awer och am Prisong muss sou Munches reforméiert gi : déi individuell Rechter vun de Prisonéier, déi am Prisong schaffen, musse respektéiert ginn. Zanter Jore kritt eng privat Firma, Spidolswäscherei s.c., vum Justizministère et erlaabt d'Prisonéier auszebeuten. Mir fuerdere Mme Tanson op, hei direkt ze handelen.

Ee verstärkt Zréckgräifen op een alternativen (an humanen) Strofvollzuch hëlleft net nëmme der concernéierter Persoun, mee kënnt sécherlech der ganzer Gesellschaft ze gutt.